

Groupe parlementaire


MOTIOUN

Tratten, den 18. November 2020

*Débat d'orientation sur le financement
des grands projets d'infrastructure
réalisés par l'Etat*

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest,


- datt de ganze Verkéier, dee vun der Nordstrooss erof fiert, fir op d'N15 ze kommen, fir Richtung Feelen an Heischent ze fueren, duerch Ettelbréck geschleist gëtt,
- datt doduerch d'Verkéierssituatioun zu Ettelbréck, besonnesch zu de Stousszäiten, dramatesch ass,
- datt dëst eng ganz onglécklech Situatioun ass fir d'Ambulanzen, déi séier d'Ettelbrécker Spidol erreche mussen,
- datt déi geplangte Strooss vum Contournement vu Schieren laanscht Ettelbréck bis op Feelen déif Aschnëtter an d'Natur mat sech géif bréngen,
- datt eng Transversale tëscht dem Fridhaff a Feelen déi besser Variant ass an déi beschriwwe Problemer léise géif,

ass sech bewosst, datt eng Transversale tëscht dem Fridhaff a Feelen de Virdeel hätt,

- datt een Uewer- a Nidderfeelen net ze duerchsneide bréicht,
- datt sech keng Problemer mat Waasserquellschutz géife stellen,
- datt de Verkéier weit fort wier vun de Wunngebiddere zu Feelen,
- datt ee just eng Opfaart misst bauen, fir vu Waarken aus d'Spidol an den technesche Lycée ze errechen,
- datt Ettelbréck a Feelen komplett vum Duerchgangsverkéier befreit wieren, wat eng méi héich Liewensqualitéit fir d'Awunner mat sech bréngt,
- datt e groussen Deel vum Zoufaartsverkéier aus der Regioun Wolz a Réiden, dee Richtung Spidol an technesche Lycée ënnerwee ass, aus Ettelbréck selwer erausgehale géif ginn,

fuerdert d'Regierung op,

- d'Méiglechkeet vun enger Transversale tëscht dem Fridhaff a Feelen an aller Objektivitéit ze préiwen.


Jeff Engelen